



**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Justizministesch, Sam TANSON, an dem  
Här Minister fir Education, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op  
d'parlamentaresch Fro Nr. 7367 vum 13. Dezember 2022 vum honorabelen  
Deputéierte Sven CLEMENT iwwert d'Dauer vu Placements provisoires**

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erlaabt et net, dës Duréen auszerechnen.

Aus deem Grond ass et och net méiglech déi längsten Zäit vun engem Placement provisoire unzeginn.

Et sief awer betount, dass d'Justizautoritéiten de Prinzip applizéieren, dass e Placement eng exceptionnel Moosnam ass an, dass d'Réintegratioun vum Kand a séng Famill esou fréi wéi méiglech soll stattfannen. Esou gi Placementer just als lescht Mëttel applizéiert wa sech déi aner Mesuren als inadequat oder net adaptéiert erausstellen, a gi regelméisseg réévaluéiert.

Allgemeng kucken d'Autorités judiciaires, dass eng aner Measure no spéitstens engem Joer gesprach gëtt (entweder en définitive Placement oder e Maintien vum Kand a sénger Famill), woubäi e Placement provisoire aus ënnerschiddleche Grënn kann undauern (familiär Situatioun, Verloscht vum Familljenhaus, Hospitalisatioun vun engem vun den Elteren, asw.).

Lëtzebuerg, den 17 Januar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson